# Séance publique du **2 juin 2020** au centre culturel Kuerzwénkel à Consdorf

**Présents**

**Bourgmestre**
Mme Edith Jeitz

**Échevins**
M. Willy Hoffmann, Mme Henriette Weber-Garson

**Conseillers**
MM. Nicolas Vesque, Tommy Urbing, Michel Majerus, David Arlé, Alain Fil, Marco Bermes

**Secrétaire communal**
Christophe Bastos

**Fonctionnaire communal**
Jean Bonert, fonctionnaire communal ; point 7 ;

**Absences excusées**

Néant

**Experts**

Véronique Spaus-Daleiden,
présidente comité d'école, point 1

**Presse**

1

**Auditeur**

Néant

**Tous les points sont approuvés à l'unanimité des voix, sauf le point 2.**

**Début de la séance à 9:00 heures**

## Ordre du jour

**Séance publique :**

**Enseignement fondamental**
1. Approbation de l'organisation scolaire 2020/2021

**Administration générale**
2. Création d'un poste d'un fonctionnaire communal, catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique, génie civil (ancienne carrière de l'ingénieur-technicien)
3. Approbation de titres de recette 2019
4. Approbation de titres de recette 2020
5. Ratification d'une convention relative aux mesures de protection (clôture, abreuvoirs, passes à bétail, etc.) source « Hierstbour » – Stoppelhaff – Colbette

**Séance à huis clos :**

**Enseignement fondamental**
6. Organisation scolaire : affectations aux postes C2-4 100 %

**Séance publique :**
7. Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins

# Gemeinderatssitzung vom **2. Juni 2020** im Kulturzentrum Kuerzwénkel in Consdorf

**Anwesend**

**Bürgermeisterin**
Mme Edith Jeitz

**Schöffen**
M. Willy Hoffmann, Mme Henriette Weber-Garson

**Räte**
MM. Nicolas Vesque, Tommy Urbing, Michel Majerus, David Arlé, Alain Fil, Marco Bermes

**Gemeindesekretär**
Christophe Bastos

**Gemeindebeamter**
Jean Bonert, Gemeindebeamter ; Punkt 7

**Abwesend entschuldigt**

Keiner

**Experten**

Véronique Spaus-Daleiden,
Präsidentin des Schulkomitees, Punkt 1

**Presse**

1

**Zuhörer**

Keine

**Alle Punkte wurden einstimmig angenommen, mit Ausnahme von Punkt 2.**

**Anfang der Sitzung 9:00 Uhr**

## Tagesordnung

**Öffentliche Sitzung :**

**Grundschule**
1. Annahme der Schulorganisation 2020/2021

**Allgemeine Verwaltung**
2. Schaffung eines Postens für einen Gemeindebeamten, Einkommenskategorie A, Einkommensgruppe A2, wissenschaftliche und technische Untergruppe, Bauingenieurwesen (frühere Karriere des Ingenieur-Technikers)
3. Genehmigung der Einnahmen 2019
4. Genehmigung der Einnahmen 2020
5. Ratifizierung einer Konvention über Schutzmaßnahmen (Zaun, Tränken, Viehdurchgänge, usw.) Quelle „Hierstbour" – Stoppelhaff – Colbette

**Geschlossene Sitzung :**

**Grundschule**
6. Schulorganisation : Zuweisung der Posten C2-4 100 %

**Öffentliche Sitzung :**
7. Fragen der Räte an das Schöffenkollegium

### Séance publique

#### 1. Approbation de l'organisation scolaire 2020/2021

Le conseil communal décide d'approuver l'organisation scolaire provisoire pour les cycles 1, 2, 3 et 4 de l'enseignement fondamental de l'année scolaire 2020/2021, proposée par le comité d'école et prévoyant notamment la création de deux postes aux cycles 2-4 (100 % indéterminé).

#### 2. Création d'un poste d'un fonctionnaire communal, catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique, génie civil (ancienne carrière de l'ingénieur-technicien)

Le conseil communal, avec huit voix pour et une abstention (Bermes), décide :

- de créer pour les besoins du service technique administratif de la commune de Consdorf un poste de fonctionnaire communal dans la catégorie de traitement A, groupe de traitement A2, sous-groupe scientifique et technique (ancienne carrière de l'ingénieur-technicien) avec une tâche à temps plein ;
- de retenir que le candidat en question doit avoir une formation spécialisée en génie civil ;
- de transmettre la présente décision pour approbation à l'Autorité supérieure.

#### 3. Approbation de titres de recette 2019

Le conseil communal décide d'arrêter les titres de recette de l'exercice 2019, au montant total de 23.122,90 €.

#### 4. Approbation de titres de recette 2020

Le conseil communal décide d'arrêter les titres de recette de l'exercice 2020 au montant de 883.300,47 €.

#### 5. Ratification d'une convention – Administration de la nature et des forêts

Le conseil communal décide d'approuver la convention, conclue entre le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Consdorf et l'Administration de la nature et forêts et notamment l'Arrondissement Centre-Est, représentée par le chef d'arrondissement, Monsieur AREND Jean-Pierre, relative aux mesures de protection (clôture, abreuvoirs, passes à bétail, etc.) source « Hierstbour » – Stoppelhaff – Colbette, en date du 28 avril 2020.

### En séance à huis clos

#### 6. Organisation scolaire : proposition d'affectation aux postes C2-4 100 %

**Le conseil communal a procédé par scrutin secret à la nomination précitée :**

- de proposer à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, d'affecter

### Öffentliche Sitzung

#### 1. Annahme der Schulorganisation 2020/2021

Der Gemeinderat beschließt, die vom Schulkomitee vorgeschlagene vorläufige Schulorganisation für die Zyklen 1, 2, 3 und 4 der Grundschule für das Schuljahr 2020/2021 zu genehmigen und insbesondere die Schaffung von zwei Posten vorzusehen in den Zyklen 2-4 (100 % unbefristet).

#### 2. Schaffung eines Postens für einen Gemeindebeamten, Einkommenskategorie A, Einkommensgruppe A2, wissenschaftliche und technische Untergruppe, Bauingenieurwesen (frühere Karriere des Ingenieur-Technikers)

Der Gemeinderat beschließt, mit acht Stimmen für und einer Enthaltung (Bermes) :

- für die Bedürfnisse des administrativen technischen Dienstes der Gemeinde Consdorf einen Vollzeit Posten als Gemeindebeamter in der Einkommenskategorie A, Einkommensgruppe A2, wissenschaftliche und technische Untergruppe (frühere Karriere des Ingenieur-Technikers) zu schaffen ;
- dass der betreffende Kandidat eine spezielle Ausbildung im Bauingenieurwesen haben muss ;
- diese Entscheidung zur Genehmigung an die höhere Instanz weiterzuleiten.

#### 3. Genehmigung der Einnahmen 2019

Der Gemeinderat beschließt, die Einnahmenerklärungen für das Jahr 2019 in Höhe von insgesamt 23.122,90 € anzunehmen.

#### 4. Genehmigung der Einnahmen 2020

Der Gemeinderat beschließt, die Einnahmen für das Jahr 2020, in Höhe von 883.300,47 € zu genehmigen.

#### 5. Ratifizierung einer Konvention – Naturverwaltung

Der Gemeinderat beschließt die Konvention, zwischen dem Schöffenkollegium der Gemeinde Consdorf und der Naturverwaltung, genauer dem „Arrondissement Centre-Est", vertreten durch den Bezirksleiter, Herrn AREND Jean-Pierre, betreffend die Schutzmaßnahmen (Zaun, Tränken, Viehdurchgänge, usw.) Quelle „Hierstbour" – Stoppelhaff – Colbette, des 28. April 2020 zu ratifizieren.

### Geschlossene Sitzung

#### 6. Schulorganisation : Zuweisung der Posten C2-4 100 %

**Der Gemeinderat hat in geheimer Abstimmung folgende Ernennungen gestimmt :**

- dem Minister für nationale Bildung, Kindheit und Jugend vorzuschlagen, Christine ZEWEN ab dem nächsten Schuljahr auf den Posten C2-4 zu 100 %

Christine ZEWEN, au poste C2-4 à 100 % (indéterminé) de l'école fondamentale de Consdorf à partir de la prochaine rentrée scolaire ;

- de proposer à Monsieur le Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, d'affecter Laurent SCHILTZ, au poste C2-4 à 100 % (indéterminé) de l'école fondamentale de Consdorf à partir de la prochaine rentrée scolaire.

(unbefristet) der Grundschule von Consdorf, zu ernennen ;

- dem Minister für nationale Bildung, Kindheit und Jugend vorzuschlagen, Laurent SCHILTZ ab dem nächsten Schuljahr auf den Posten C2-4 zu 100 % (unbefristet) der Grundschule von Consdorf, zu ernennen.

## Séance publique / Öffentliche Sitzung

### Questions et remarques orales au collège des bourgmestre et échevins lors la séance du conseil communal / Mündliche Fragen und Bemerkungen der Räte an das Schöffenkollegium während der Sitzung des Gemeinderats

### Concernant le point 1 de l'ordre du jour : / Betreffend den Punkt 1 der Tagesordnung :

- Et ass iwwer d'Schoulorganisatioun diskutéiert gi wärend dem État de crise wéinst Covid-19.
- **De Conseiller Arlé** seet dem Personal vum Enseignement fondamental, der Maison Relais an der Gemeng Merci fir déi gutt Organisatioun.
- **De Conseiller Bermes** freet wat ass wann de Virus rëmkënnt.

D'Presidentin vum Schoul-Kommitee, d'Madamm Spaus-Daleiden, äntwert datt dann am September mam aktuelle System weidergemaach gëtt.

- **De Conseiller Majerus** freet ob d'Kanner hir Masken undoen.

D'Presidentin vum Schoul-Kommitee, d'Madamm Spaus-Daleiden, äntwert datt d'Kanner all ganz disziplinéiert sinn.

- **De Conseiller Bermes** freet ob de Fonctionnement vum Schoulbus gutt organiséiert ass.

D'Presidentin vum Schoul-Kommitee, d'Madamm Spaus-Daleiden, äntwert datt dat ganz gutt fonctionéiert a seet der Gemeng Merci fir d'Organisatioun vu Schoulbus-Begleeder.

- **D'Buergermeeschtesch Jeitz** seet dem ganze Personal Merci fir di gutt Aarbecht an d'Organisatioun vun der verännerter Schoulorganisatioun.

### Concernant le point 2 de l'ordre du jour : / Betreffend den Punkt 2 der Tagesordnung :

- **De Conseiller Bermes** ass der Meenung datt et budgetsméisseg besser ass ee Bureau d'Études ze huelen. Finanziell wier et net gutte e feste Posten ze kreéieren.

### Concernant le point 5 de l'ordre du jour : / Betreffend den Punkt 5 der Tagesordnung :

- **De Conseiller Majerus** proposéiert datt d'Gemeng den Awunner vun der Gemeng Subsiden accordéiert fir Reewaasser-Tanken z'installéieren, doduerch datt et manner reent an erëm méi Waasser misst an de Buedem.
- **De Conseiller Vesque** seet datt ee Reen deen net fält och net opfänke kann.
- **De Schäffen Hoffmann** schwätzt dës Propositioun an der nächster Sëtzung vum Klima Team un.

### 7. Questions des membres du conseil communal au collège des bourgmestre et échevins / Fragen der Räte an das Schöffenkollegium

### Questions écrites remises au collège des bourgmestre et échevins au moins 3 jours avant la séance du conseil communal : / Schriftliche Anfragen an das Schöffenkollegium mindestens 3 Tage vor der Gemeinderatssitzung :

Le conseiller David Arlé a introduit les questions suivantes au moins 3 jours avant la séance du conseil communal. Le collège des bourgmestre et échevins a formulé ses réponses par oral lors de la séance. / Rat David Arlé stellte mindestens drei Tage vor der Sitzung des Gemeinderats die folgenden Fragen. Das Schöffenkollegium formulierte seine Antworten mündlich während der Sitzung.

Le collège des bourgmestre et échevins précise que les questions remises sont reprises telles qu'elles ont été introduites. / Das Schöffenkollegium informiert, dass die Fragen so abgebildet werden, wie sie eingereicht wurden.

1. Wir et meiglech een Détail ze kreien vun all Projet (wei am Dezember 19 vum Schäfferot versprach), dei am Budget Extraordinaire, gestëmmt goufen. An zwa am Détail. D.h Wou een genau steet ? Op a weini genau Devis'en gefroot gi sin. Wat um laafen ass ? Am beschten mat Datumer weini de Projet ugefaange gett, an weini e prévisible faerdeg ass ? (Budget 19 + 20)

*® Schäfferot :*
*Le chef de service du service technique, Jean Bonert, donne des explications détaillées relatives à l'évolution des 45 projets extraordinaires en cours. / Der Leiter des technischen Dienstes, Jean Bonert, gibt detaillierte Erläuterungen zur Entwicklung der 45 laufenden außergewöhnlichen Projekte.*

Discussion suite aux explications de l'ingénieur technicien de la commune : / Diskussion nach den Erklärungen des technischen Ingenieurs der Gemeinde :

***De Conseiller Arlé** freet, datt hien eng detailléiert Lëscht iwwer de Suivi vun de Projete kritt. Hien fënnt d'Erklärungen zimmlech flu. Et stinn nach vill Projete vun 2018 an 2019 op, an hie stellt fest, datt hien zimmlech oft d'Ausso héieren huet : „Mir musse kucken". Kleng Saachen, déi ouni Bureau d'Études kéinte realiséiert ginn, sollten elo sou schnell wéi méiglech ëmgesat ginn.*

***D'Buergermeeschtesch Jeitz** gëtt him Recht, datt déi méi kleng Projeten ëmgesat solle ginn.*

***De Conseiller Arlé** reegt sech op, datt d'Gemeng net kapabel ass kleng Schëlder an d'Entréeë vun den Dierfer aus der Gemeng ze stellen oder d'Zeechne vun enger Vëlospist ze realiséieren, woubäi awer d'Klimaanlag op der Gemeng direkt installéiert gëtt oder bis well just d'Rue de la Mairie fäerdeg ass. Hie fënnt dat alles immens onverständlech.*

***D'Buergermeeschtesch Jeitz** kläert hien iwwer déi schwéierfälleg Prozeduren op an datt net alles esou einfach geet wéi hien sech dat wënscht.*

***De Conseiller Arlé** stellt fest, datt fir d'Leit dobaussen näischt gemaach gëtt. Hien hätt säin Haus selwer renovéiert an huet och do missen seng Prioritéite setzen. Hie freet nach eng Kéier op et esou schwéier ass ee Schëld an d'Gemeng ze setzen. De Schäfferot soll sech ee Katalog huelen an sech eng Spillplaz raussichen. Hie vermësst och dat de Schäfferot net méi haart ass. Et muss een de Leit weisen, datt eppes leeft.*

*Doropshin invitéiert **d'Buergermeeschtesch Jeitz** all Conseiller eng Kéier een Dag op d'Gemeng ze kommen, fir sech ee Bild iwwert d'Organisatioun an den Alldag op der Gemeng ze maachen.*

***De Conseiller Arlé** betount, datt hien net behaapt datt näischt géif lafen, mee datt d'Koordinatioun generell net gutt wier.*

***De Conseiller Majerus** ass och der Meenung, datt d'Projete vun 2018 missten ofgeschloss ginn.*

***D'Buergermeeschtesch Jeitz** stellt kloer, datt déi vum Gemengentechniker Jean Bonert presentéiert Lëscht, op där all Projet figuréiert, regelméisseg am Schäfferot, zesumme mam Service Technique à jour gesat gëtt, fir esou de Suivi an den Ofschloss vun de 45 aktuelle Projete kënnen ze maachen.*

***De Conseiller Vesque** freet firwat d'Waasser-Sailen op der Gare zu Konsdref net géife fonctionéieren.*

***De Schäfferot** äntwert, datt déi Sailen den Hygiènes-Normen net géifen entspriechen, an datt do schonn eng nei Sail bestallt wier.*

***De Conseiller Majerus** freet fir d'Pläng betreffend de Reamenagement vun der Entrée Scheedgen (Biiweschland) gewisen ze kréien.*

***De Schäfferot** äntwert, datt dës Pläng wéinst Ponts et Chaussées hu missen adaptéiert ginn an datt de Bureau d'Études der Gemeng elo 3 Projete presentéiert huet. Esoubal di beschte Léisung zréckbehale gëtt an déi Pläng dann och ausgeschafft sinn, kënnen d'Conseillere gären Abléck, zum Beispill wärend enger Séance de travail, an den Dossier kréien.*

**2.** Kann de Schäfferot eng Stellungnahm huelen zum leschte Vote am Gemengerot iwwer den Cautionement vun engem Prêt beim Syndicat (Camping la Pinède) ? Vierwa ass de Schäfferot an enger finanzieller Fro sech net eenz ?)

*® Schäfferot :*
*Am Schäfferot gëllt d'Majoritéit, an dofir ass een och zu 3. Mir liewen an enger Demokratie, an där jidderee säi Point de Vue an seng Meenung däerf hunn a vertrieden.*

**3.** Wei ass dei aktuell Hyrarchie an der Gemeng ? Stëmmt daat dass de Schäfferot de Jongem aus dem Atelier vierschreift wat se all Woch ze maachen hun ? Ween aus dem Schäfferot këmmert sech doremms ? A weienger Relatioun steet de Service Technique aktuell zum Atelier ? Gett et een Organigramm an der Administratioun ? Gett et, wei üblech an engem Atelier Communal, een Dages/Woche/Mount - Programm, e Plang deen d'Aarbeschten organiseiert ?

*® Schäfferot :*
*De Service Technique vun der Gemeng steet ënner der Tutelle vum Schäfferot. De Schäfferot huet zesumme mam Service Technique unhand vun enger Software vum SIGI een informateschen Tool „Suivi des Travaux" opgestallt, an deem d'Aarbechten an och de Suivi vun den Aarbechten agedroe ginn.*

*De Viraarbechter vum Service Technique kënnt och reegelméisseg an de Schäfferot fir iwwer ustoend Aarbechten ze diskutéieren.*

*Den Atelier ass een Deel vum Service Technique an ënnersteet dem Service Technique Administratif laut eisem Organigramm vum 30. Januar 2019, deen duerch d'Astelle vun neie Mataarbechter nach muss komplettéiert ginn.*

*De Schäfferot huet, iwwer de Programm vum SIGI, Abléck an de Suivi vun den Aarbechten, esou wéi och de Programm vun der Équipe, dee vum Viraarbechter opgestallt gëtt.*

*Dorop wëll de Conseiller Arlé sech net äusseren a wëll dat awer an der Aarbechtssëtzung maachen.*

**4.** Beim leën vum definitiven Tapis an der rue de la marie, ass an der rte de Luxembourg plaatzeweis gefleckt gin. Vierwat huet den Service Technique net d'initiative geholl tëscht dem aale Café Kuelscheier an dem Haus 69 den Tapis, deen an engem extrem schlechten Zoustand ass, an engems fresch ze maachen ?

*® Schäfferot :*
*Virum Lotissement „A Wonesch" ass d'Strooss vum Entrepreneur gefléckt ginn.*

*Déi Tranchée, déi virun der Résidence 69, Route de Luxembourg ofgesackt ass, gëtt vum Bauhär gemaach an net vun der Gemeng.*

Le conseiller Marco Bermes a introduit les questions suivantes au moins 3 jours avant la séance du conseil communal. Le collège des bourgmestre et échevins a formulé ses réponses par oral lors de la séance. / Rat Marco Bermes stellte mindestens drei Tage vor der Sitzung des Gemeinderats die folgenden Fragen. Das Schöffenkollegium formulierte seine Antworten mündlich während der Sitzung.

Le collège des bourgmestre et échevins précise que les questions remises sont reprises telles quelles ont été introduites. / Das Schöffenkollegium informiert, dass die Fragen so abgebildet werden, wie sie eingereicht wurden.

**1.** Am Budget 2020 ass e Busarrêt am Biweschland um Scheedgen virgesinn.Wéini sinn do d'Aarbechten geplangt ? Muss d'Geméng nach Terraine vu Nopere fir dee Projet ofkafen ? Wa net, da steet dem Projet jo näischt am Wee. Wéini fänken d'Aarbechten do un a kann een en Abléck an d'Pläng kréien, fir ze gesinn wéi dat geplangt ass ?

*® Schäfferot :*
*Wéi gesot, huet d'Gemeng elo ganz rezent adaptéiert Pläng kritt, wou een sech elo muss op eng Variante festleeën.*

*Da muss d'Gemeng den Accord vun den eventuelle Propriétairë kréien an et mussen Emprise gemaach ginn.*

*Da gëtt eng Demande fir d'Permission de Voirie bei Ponts & Chaussées gemaach. Wann déi bis ginn ass, gëtt eng Soumissioun gemaach ier datt d'Aarbechte kënnen ufänken.*

**2.** Bäi der Kapell zu Kolwënt gëtt et Probleemer mat der Fiichtegkeet, dat ass gewosst. Wat gedenkt t'Gemeng do ze ënnerhuelen ? Vu menger Säit wollt ech zwou Propose maachen. Dat Waasser, wat vun der Strooss an d'Kapell kann era lafen, misst duerch e Grill, deen ronderëm den Agang geluecht gëtt, opgefaange gin. Och kënnt een en Drainage ronderëm d'Kapell, a wann néideg bis zu 2 m ronderëm virgesinn, wann noutwendeg mat Opkaf vun Terrain vun den Noperen. Domat kennt een de Probleem vun der Fiichtegkeet nohaltég léisen. Wat ass dem Schefferot séng Meenung do derzou ?

*® Schäfferot :*
*Well d'Gebai klasséiert ass, waarde mir, duerch de Confinement bedéngt, scho méi laang drop, datt Site & Monuments op d'Plaz kommen, ier datt mir do dierfen de Projet realiséieren an och kënnen ee Subside ufroen. De Problem mat der Fiichtegkeet ass bekannt, a soll mat der selwechter Methode wéi am Gemengenhaus behuewe ginn.*

**3.** Am Kader vun der Coronakriis an dem Confinement hunn d'Leit hier Akafsgewunnegten ëmgestallt. Ech well d'Propose maache fir 1 Mol am Mount (oder méi oft) en ëffentleche Maart am Zentrum vu Konsdref ofzehalen. Dat géif deene Leit, déi am Home-Office oder am Congé parental sinn, bestëmmt entgéint kommen an derniewent eisen Duerfkär beliewen a valoriséieren. Huet de Schefferot sech schonns doriwwer Gedanke gemaach ?

*® Schäfferot :*
*Mir maache kee Maart hei zu Konsdref well einfach keng Demande dofir besteet. Et ass nach ni duerno gefrot ginn. Mir hu gréisser Gemengen an der Ëmgéigend, déi mat hire Mäert ophalen.*

**4.** Trotz Confinement an der Coronaviruskriis gesäit een, datt eise Parking op der Konsdrefer Millen, net nëmmen de Weekend mee och an der Woch, ëmmer voll ass. Wéinst der Viruskriis entdecke vill Leit eist Ländchen a besonnesch de Mëllerdall erëm nei. Dat wier eng Chance fir eisen Tourismus, eisen SIT an eis Geschäftsleit. Misste mir net drun denke fir zousätzlech Parkplazen op der Konsdrefer Millen ze amenagéieren ?

*® Schäfferot :*
*De Parking op der Millen ass vun ise Virgänger geplangt ginn. Nom Reamenagement si manner Plazen um Parking wéi virdrun. Et gëtt ee Projet zesumme mam SIDEN ëmgesat, wou beim Reechenhaus nach e puer Parkingen dobäi kommen.*

**5.** Wéi steet et mat de Feldweeër, besonnesch zu Präiteler ? D'ASTA subsidéiert d'Aarbechte fir déi Weeër an d'Rei ze setzen. Ass doru geduecht ginn, an deem Kontext, fir den ale Präiteler Wee an de Wee op der Hicht zu Präiteler, vis-à-vis vum Haus Federspiel an d'Rei ze setzen ? Am Kontext vun de Parkplatze sub4. kënnt den ale Präiteler Wee eng Alternativ sinn. Kann de Schefferot dozou Positioun bezéien ?

*® Schäfferot :*
*Den Zoustand vun den 2 Weeër ass gutt genuch fir dat wat se gebraucht ginn. Mir ginn der Commission de la circulation, de la mobilité et des infrastructures publics dat hei mat op de Wee, fir datt d'Gemeng eventuell mat der ASTA zesummen, iwwer déi regelméisseg Erneierung vun de Feldweeër, den Zoustand vun dëse verbessert.*

**6.** Mat der Coronakris sinn och d'Zieler, fir eis Klimapolitik ze iwwerdenken, erëm méi aktuell wéi jee. Wat ass hei an der Gemeng fir eis Bierger an de leschten 2 Joer realiséiert ginn, a wat sinn d'Pläng vum Schefferot an nächster Zukunft ?

*® Schäfferot :*
*D'Gemeng huet sech um Projet Wandpark Mëllerdall bedeelegt mat dem Ziel, datt eis Natur- a Geopark-Gemengen klimaneutral ginn, also fort vu fossilen Energien an zu erneierbaren Energien. De Bau vun Eoliennen mat Biergerbedeelegung ass ee Beispill.*

*2 Membere vum Schäfferot, souwéi 1 Beamte vun der Gemeng sinn iwweregens Grënnungsmemberen vum Energiepark Mëllerdall, dee mir am Januar dëst Joer gegrënnt hunn. Och hei kënnen an Zukunft d'Awunner aus dem Naturpark sech finanziell u Projeten mat erneierbarer Energie bedeelegen.*

*Och hu mir een neit Gemengereglement gestëmmt, dat de Leit aus der Gemeng eng finanziell Ënnerstëtzung duerch Subsiden erméiglecht, falls si ökologesch bauen, hiert Haus renovéieren, een elektresche Vëlo kafen, eng Photovoltaikanlag installéieren, …*

*Des weideren hu mir scho ganz vill Stroosseluuchten a Luuchten an de Gemengegebaier op LED ëmgestallt.*

*Eis Heiz-Zentral huet een neie Kamäin mat engem Filter kritt, wouduerch d'Anlag méi ëmweltfrëndlech funktionéiert.*

*An den Drénkwaasserbehälter ass investéiert ginn, souwéi an d'Erneierung vun eisen Drénkwaasserleitungen.*

*Mir sinn eng Klimapakt-Gemeng a wäerten och weiderhin konsequent alles maachen fir eis Klimaziler z'erreechen.*

*Hannert der Gemeng ass di éischt Chargy-Borne installéiert ginn. Fir bei de Camping si weider Bornen a Planung fir och an der Gemeng Konsdref d'Elektromobilitéit ze fërderen.*

*Et ass iwweregens och nach een Appel de Candidature lancéiert ginn fir an d'Klimateam vun der Gemeng bäizetrieden, wou och du, Marco, deng Kandidatur kanns areechen, fir deng Iddien am Sënn vum Ëmweltschutz kënnen am Team mat ze verwierklechen.*

**7.** Wat d'Subsidpolitik vum Schefferot ugeet woer ech net d'accord mat deem wat hei décidéiert gouf an hunn e Reklamatiounsbréif un den Inneministère geschéckt. Den 4. Mee 2020 krut d'Gemeng eng Aentwert vum Inneministère wou besonnesch als Konklusioun festgehale gouf, dat d'Gemeng Konsdref esou séier wéi méiglech hiert eegent Reglement iwwert d'Subsidpolitik misst adaptéieren. Ech zitéieren : „en vue de garantir une égalité de traitement entre les différentes associations locales dans le cadre de l'allocation des subsides communaux, j'invite les responsables politiques de la commune de Consdorf de procéder dans les meilleurs délais à une adaptation du prédit règlement communal en tenant compte de ce qui précède". Wat ass an deem Kontext d'Positioun vum Schefferot a wat wëllt hien à court terme ënnerhuele fir dem Avis vum Inneministère nozekommen ?

*® Schäfferot :*
*Folgend op d'Reklamatioun déi de Conseiller Bermes op de Ministère de l'Intérieur geschéckt huet, muss de Syndicat d'Initiative et de Tourisme aus dem Subsidereglement gestrach gi fir kënnen ee järleche Subsid ordinaire ze kréien. Ee Subside extraordinaire, laut Courrier vum Ministère, kann och just am Sënn vun enger extraordinairer Geleeënheet attribuéiert ginn. An sengem Courrier huet de Ministère dat och festgehalen an de Conseil gebieden de Syndicat d'Initiative aus dem Reglement eraus ze huelen. Am Sënn vun der Transparenz an der Gläichheet, a Saachen Attributioun vu Subsiden, si mir frou esou ee Reglement ze hunn a mir änneren näischt um Reglement ausser déi Saach mam Syndicat, esou wéi de Ministère dat verlaangt.*

***De Conseiller Bermes** stellt fest, datt awer nach vill méi Ongereimtheete beim Verdeele vun de Subside bestinn, wéi zum Beispill déi finanziell Participatioun vun der Gemeng fir d'Locatioun vum Bus fir d'Senioren, oder fir de Kommandant vun de Pompjeeën. Him no ass an de verschiddene Kategorien net richteg geschafft ginn. Weider seet hien och datt och aner Conseillere wéi den Alain Fil oder David Arlé gesot hätten d'Reglement wier net konform.*

*Dogéint wieren sech awer béid Conseillere Fil an Arlé, datt si ni behaapt hätten d'Reglement wier net konform.*

**8.** Meng lescht Fro betrëfft den SIT an de Camping La Pinède. Den 20. Mee hunn déi Responsabel vum SIT/ Camping dem Gemengerot d'Infrastrukturen um Camping gewisen an duerno koum et zu enger Diskussioun, wou vu verschiddenen Ongereimtheete Riets woer. E Schreiwes vum Gemengesekretär vum 26.03.2020 un den SIT weist och op Ongereimtheeten hin, déi awer éischter de Schefferot am Dossier Camping betreffen. Ech selwer si méi wéi betraff iwwert den Toun wéi déi Diskussiounen um Camping gefouert gi sinn. Well jo de Gemengerot in fine iwwert déi Dépensen, déi vun der Gemeng am Intérêt vum Camping gemaach ginn, muss décidéieren, wier et néideg datt de Schefferot, an aller Transparenz, d'Fakten op den Dësch leet an datt näischt ënnert den Dësch gekiert gëtt. De Camping ass e wichtegen Acteur fir den Tourismus an et gëllt elo jiddereen ze responsabiliséieren, besonnesch an dëser schwéierer Zäit mat der Pandemie. Ech wier frou hei éng détailléiert Stellungnam vum Schefferot kënnen ze kréien.

*® Schäfferot :*
*De leschte Schäffen- a Gemengerot huet ugefaangen um Camping an een neie Büro an an ee Restaurant ze investéieren. Den aktuelle Schäffen- a Gemengerot huet dës Aarbechte weidergefouert an, wéi de Schäfferot fënnt, zesumme mam Syndicat gutt op een Enn bruecht.*

*Lo musse sécherheetsrelevant Infrastrukturaarbechten, déi scho ganz laang hätte misse gemaach ginn, ufänken.*

*An dësem Budget stinn iwwer 550.000 € fir Aarbechte beim an um Camping. Dëst sinn ëffentlech Gelder, déi de Gesetzer no verwalt musse ginn, och wann dat haaptsächlech enger Persoun vum Syndicat net gefält. Eise Service technique wäert mat Ënnerstëtzung vun engem Büro zesumme mam Syndicat d'Initiative des Aarbechte plangen sou wéi d'Marchésgesetz et verlaangt.*

*Dëse Schäffen- a Gemengerot huet de Syndicat bis elo ënnerstëtzt mat Subsiden, géint déi's du gestëmmt hues. Och huet d'Gemeng Garantien op der Bank fir de Syndicat ënnerschriwwen als Bierg, an ass och weiderhi gewëllt de Syndicat ënner der Form z'ënnerstëtzen.*

# Gemengen- a Schäfferot

*Et ass alles gereegelt a festgehalen an enger Konventioun (Pachtvertrag) vun 2016, deen's du als Schäffe mat opgestallt an ënnerschriwwen hues.*

*De Schäfferot wäert sech och an Zukunft reegelméisseg mat de Vertrieder vum Syndicat treffe fir nach besser mateneen ze schaffen.*

***De Conseiller Fil** gëtt kloer ze verstoen, datt dat, wat de Conseiller Bermes sech, mam Stelle vun der Fro, erlaabt, net ubruecht ass. Ënner Anerem geet et hei em eng Reunioun, an der 2 Gemengebeamten, esou wéi eng Schäffin, déi allen 3 net present waren, vum Sekretär vum Syndicat beschëllegt gi sinn, ouni datt si sech konnten äusseren oder eventuell verdeedegen. Dat gläicht enger Hexejuegd, a mir si jo awer net méi am Mëttelalter.*

**Fin de la séance à 11:00 heures**

**Ende der Sitzung um 11:00 Uhr**

